I-2021-O-I-7232-01 (n°3929)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

RECU
Par Magda Santos , 11:28, 05/07/2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2022

Betrëfft : Ufro fir eng Interpellatioun

Här President,

ech bieden Iech, d'Regierung däerfen ze interpelléieren (Art. 88 vum Reglement vun der Chamber) zu de Sanktioune géint Russland.

D'Sanktioune géint Russland hunn eng ganz Rei vu Konsequenzen op eis eegen Ekonomie, besonnesch och op d'Energieversuergung. Doriwwer eraus gesi mir eng Rei vu markante geopolitesche Verännerungen an der Welt, déi kënne gravéierend laangfristeg Konsequenzen op Lëtzebuerg a ganz West- a Mëtteleuropa hunn. Dowéinst wéilt ech fir den Hierscht, also nach virum Wanter, eng Interpellatioun zum Sujet „**D'Konsequenze vun de Sanktioune géint Russland op politeschem, ekonomeschem a sozialem Plang – d'Situatioun virum Wanter**" ufroen, fir de Point vun der Situatioun ze maachen, esou wéi si sech den Abléck presentéiert. Bei där Interpellatioun geet et selbstverständlech ëm Baussepolitik, ëm Ekonomie an ëm Energie, esou datt ech frou wär, wann déi Häre Ministeren Asselborn, Fayot an Turmes kéinten zur Verfügung stoen, fir op déi eenzel Aspekter anzegoen.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten